COMPTE RENDU DE LA REUNION DE LA COMMISSION DU DÉVELOPPEMENT DURABLE, DE LA QUALITÉ DE VIE, DE LA MOBILITÉ ET DE LA CIRCULATION DU 12 JUILLET 2018

(02/2018)

Présences :	Mme	EIDEN-RENCKENS Marie-Anne	présente (rempl. Marie-Anne Leyder)
	M.	HENNES Alain	présent
	M.	HENNES Laurent	présent
	M.	FISCHBACH Marc	présent
	M.	MEDINGER Guy	présent
	M.	MICHELS David	présent
	M.	SCHANCK Laurent	présent
	Mme	SCHMIT-STREFF Edmée	présente (rempl. Christian Bour)
	M.	SCHROEDER Francis	présent
	M.	SCHWACHTGEN Carlo	présent
	Mme	SIGL Astrid	présente
	M.	THILL Theo (Président)	présent
	M.	WEBER Patrick	présent

Excusés : BERGH Tom, BOUR Christian (rempl. Par Schmit-Streff Edmée), COURTE-WOLDE Henoké, DELCOURT Yves, KIRSCH Germain, LEYDER-HERSCHBACH Marie-Anne (rempl. par Eiden-Renckens Marie-Anne), MOUSEL Marianne.

Ordre du Jour :

1. **<u>Geforepunkt Kräizung 'rue de la Montagne' / 'rue de Dommeldange' (Barrière)</u>**

Problematik :

- D'Kräizung ass esou gereegelt, dass de Verkéier, deen aus der ‚rue de la Montagne' iwwer d'Barrière kënnt, Virfaart huet virun der ‚rue de Dommeldange'. An der 'rue de Dommeldange' huet een op där Plaz aus deenen zwou Richtungen en Dräieck. Dëse gëtt awer vill ignoréiert an de Leit, déi iwwer d'Barrière kommen, gëtt meeschtens d'Virfaart geholl. Dobäi kënnt, dass de Verkéier op där Plaz oft ze séier ass.
- Dat wäisst Barrièreshaischen hëlt dem Automobilist, dee vu Walfer/Stafelter hir kënnt, e groussen Deel vun der Vue op d'Barrière.
- D'Schëld (Dräieck) ass, aus Richtung Walfer/Stafelter kommend, och schlecht placéiert a steet ze fréi bei engem Bam, wäit virun der Plaz wou den Auto stoe misst bleiwen.
- Aus der Richtung vun der Stad kommend stinn ze vill Schëlter, déi op d'Barrière hiweisen, soudass d' Dräiecksschëld schlecht oder net gesi gëtt.

Virschléi vun der Kommissioun:

- *Eng Erhéijung vum ganze Passage* virun der Barrière (bis de Foussgängersträifen inclus), dat géing och d'Vitesse bremsen.

- Well den éischte Virschlag awer wahrscheinlech kuerzfristeg net ëmsetzbar ass, wier eng *faarweg visuell Markéierung vum ganze Passage* eng Léisung. De Geforepunkt wier kloer markéiert.
- Dräiecksschëld muss méi no bei d'Kräizung a méi kloer placéiert sinn.
- Blénkdräieck mat Sensor, deen nëmme liicht, wann en Auto kënnt.

2. **Nationale Vëlosdag 16. September 2018**

- Déi méi genee Informatioune sinn an enger Reunioun de 4.Juli bekannt ginn.
- D'**Randonnée** fënnt wéi gewinnt statt an ass de 16.September, Départ ass vun 8-10 Auer. Aschreiwung: 5€
- D'Präisiwwerreechung ass net den Dag selwer mee an der Woch duerno. Plaz an Auerzäit ginn nach matgedeelt.
- Den Service vun der Mierscher Gemeng këmmert sech ëm d'Organisatioun. Déi Gemengen, déi matmaachen, musse just fir d'Verdeele vum Dépliant suergen.
- Et gëtt **KEE Rallye** méi duerch den Uelzechtdall. Et waren net méi genuch Gemenge bereet fir matzemaachen.
- Dëst gëtt allgemeng an der Kommissioun bedauert well zu Walfer hat de Rallye awer ëmmer nach e gewësse Succès.
- D'Kommissioun proposéiert fir awer eng Aktivitéit ze plangen fir deen Dag oder de Weekend duerno fir d'"**Mobilité douce' opzewäerten** an se an de Virgrond ze stellen.

Propose/ Ideeë vun der Kommissioun:

- Et soll eng Aktivitéit gemaach ginn virun allem fir d'Leit mat de Kanner. Familljе sollen den Haaptuspriechpartner sinn.
- E klenge Rallye duerch den Zentrum vum Duerf: **Familljerallye**
- De Rallye staart op der **Gemengeplaz. 4-5 Posten mat Spiller gi stäreférmeg ugefuer**. D'Gruppe kommen ëmmer nees zréck op d'Gemengeplaz vu wou aus se dann op e nächste Poste geschéckt ginn. Bei Reen ass den Départ bei der Sportshal ënner dem Zelt.
- Datum: **Sonndes, den 23.September vun 10.00 – 11.30 Auer.**
- Um Schluss vum Rallye, also um 11.30 Auer gëtt op dem Parking vum Gemengepersonal mat Kräid **e grousst faarwegt Bild vun engem Vëlo gemoolt**. Duerno Foto vun uewe mat enger Drohn? Pierre Levy?
- E Gedrénksstand gëtt organiséiert.
- Ufank September ginn an engem *Aarbechtsgrupp Detailer ausgeschafft: 12.September um 19 Auer.*
- Et sinn do fir ze hëllefen: Laurent H., Patrick W., Carlo Sch., Guy M., Laurent S., Alain H., Marc F., Theo T.
- Dat Ganzt soll an de Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch gesat ginn. Dat muss ugemellt ginn, de Carlo këmmert sech do drëm.
- **M-Box** kënnt déi Woch virdrun an déi kéint den 23. September eventuell och ageweit ginn.

3. **TOUR du DUERF**

Bis elo si 4 Equippen ugemellt. Gemengerotsmemberen a Kommissiounsmemberen sollen ugespornt gi fir matzemaachen an eventuell eegen Equippen unzemellen. Ziel ass net, dass de Gemengerot oder d'Kommissioun selwer zesummen en Team bilden. Et sollen esou vill wéi méiglech Leit aus der Gemeng ugeschwaat ginn a matmaachen.

4. **GREEN EVENTS / Nohalteg Veranstaltungen**

Problematik:

Beängschtegend ass ze gesinn, wéi vill Knascht bei engem Event entsteet, virun allem Plastiksoffall.

Et ginn och elo scho Méiglechkeeten bei eis an der Gemeng fir Eventer méi propper ze gestalten:

- Mir hu Becheren an der Gemeng, déi ëmmer erëm gespullt ginn. Veräiner kënnen déi benotzen.
- An de meeschte Gemengegebaier gëtt et genuch Besteck a Porzeläinsgeschir fir net mussen op Plastik zréckzegräifen.
- Superdreckskëscht ka beroden an hëllefe bei groussen Events.

Ideeë vu der Kommissioun:

- ‚Wéineg Ooffall' muss bei groussen Eventer vun Ufank u mat ageplangt ginn.
- D'Superdreckskëscht mat u Bord huelen.
- Veräiner sollen informéiert a sensibiliséiert ginn. Veräiner musse motivéiert gi fir matzemaachen. Eventuell och iwwer Subsiden en Ureiz schafen.
- Eng Delegatioun vun der Ëmweltkommissioun soll an d'Sportskommissioun an an Kulturkommissioun goe fir d'Problematik ze erklären a fir ze kucke wou d'Veräiner Problemer gesinn a virun allem fir d'Veräiner mat u Bord ze kréien.
- Besser a méi Recyclingméiglechkeete beim Centre Prince Henri schafen.
- Spullweenchen ass an der Ausaarbechtung.
- E speziellen Aarbechtsgrupp schafen mam Thema ‚Müllvermeidung'.

Divers

Speziell **Reflektoren un de Posten bei den Zebrasträifen** ubrénge fir se virun allem nuets méi däitlech ervirzehiewen. Et gëtt dat schonn an enger Rei Gemengen.

Théo Thill	Christian Bour
Président	Secrétaire